

Wäertvoll Zäit ass verluer gaangen

D'Mesuren, déi den Educationnsminister Meisch a senger Pressekonferenz vum 12. Februar 2021 virgestallt huet, gi sécherlech an déi richteg Richtung, mee leider komme si zimmlech spéit. Huet ee mussen d'Optriede vun enger méi ustiechender Variant vum Virus ofwaarde fir ze reagéieren? Hätt een net schonn zënter Laangem kéinte plangen, wéi een an esou engem Fall géif reagéieren? Hätt een net amplaz ëmmer nëmmen ze reagéieren, vläicht proaktiv sollen agéieren? Ass do net wäertvoll Zäit verschwent ginn?

Obwuel de MENJE am Laf vun der Pandemie a munche Punkten Asiicht gewisen huet an enger Rei vu Fuerderunge vum SNE/CGFP nokomm ass (konsequente a systemateschen Testing vun der Schoulpopulatioun, Asetze vun CO2-Ampelen, respektiv –moossgeräter), sinn trotzdeem eng Rei Fuerderunge vum SNE/CGFP guer net, respektiv nëmmen onzefriddestellend erfëllt ginn.

Déi Mesurë kéinten awer, an den Ae vum SNE/CGFP zousätzlech ergraff gi fir de Kanner an dem Schoulpersonal méi eng grouss Sécherheet virun Infektiounen ze ginn. Rappeléiere mir emol kuerz déi Fuerderungen:

- FFP2-Masken an ausräichender Zuel fir all Enseignant, deen der wëllt;
- Installatioun vu mobile Raumlufreiniger an all Kllassesall;
- Bereitstelle vu Féiwermoossapparater an de Schoulen.

An den Ae vum SNE/CGFP géifen dës Mesuren derzou bäidroen, de Risiko erofzesetzen, sech an der Schoul mam Covid-19 unzestiechen. Nëmme mat ville Mesurë kënne mir evitéieren, dass de Virus sech an der Schoul verbreet.

Obwuel et schéngt, wéi wann de Virus elo en aneren Impakt op d'Schoulen hätt, schwätzt den SNE/CGFP sech nach ëmmer derfir aus, d'Schoulen esou laang wéi méiglech opzeloosse fir e Presenzunterrecht ze garantéieren. Et ass méttlerweil gewosst, dass de Presenzunterrecht net duerch en «Enseignement à distance» ze ersetzen ass, egal wéi gutt den Distanzunterrecht organiséiert ass.

Natierlech muss d'Gesondheet vun der ganzer Schoulpopulatioun ëmmer absolut Prioritéit hunn. Am Zwiwelsfall muss sech ëmmer fir d'Sécherheet vun de Kanner an dem Personal entscheet ginn.

Den Educatiounsminister huet an der Pressekonferenz vum 12. Februar 2021 besonnesch Wäert op den Aspekt vum Wuelbefanne vun de Kanner geluecht. Et gëtt an den Ae vum SNE/CGFP héich Zäit, sech ëm déi psychesch an awer och schoulesch Effete vun der Pandemie op d'Kanner ze këmmen. Wat de schoulesche Volet ubelaangt, esou ass dem SNE/CGFP seng Fuerderung vun enger Bereetstellung vun zousätzleche Ressourcen am Kader vum Schoulhoraire zënter laangem bekannt. Dëse sougenannte «Coronacontingent » kéint et erméiglechen, de Kanner ee méi pousséierten an individualiséierten Appui ze gi fir eventuell Léierretarden opzeschaffen.

Komme mer elo zu de **generelle Mesuren**, déi vum 22. Februar un en Place gesat solle ginn:

• **Den Enseignant soll sech op déi essentiell Inhalter konzentréieren:**

Dat kann den SNE/CGFP novollzéien, virun dem Hannergrond, dass mir haut nach net aschätze kënnen, wéi de Rescht vum Schouljoer verlafte wäert a wéi vill Presenzunterrecht ënner Ëmstänn nach duerch d'Pandemie verluer kéint goen.

Wat d'Orientéierungsprozedur am Cycle 4.2 fir den «Enseignement secondaire» ubelaangt, ass den SNE/CGFP der Meenung, dass d'Schouljoer 2020-2021 mat dem aktuellen Zouspëtze vun der sanitärer Situatioun eng grouss Belaaschtung fir d'Kanner ass. Niewent den Ausfäll vum leschte Schouljoer sinn och bis elo dëst Joer schonn zwou ganzer Schoulwochen am Presenzunterrecht fir all d'Schoulen ausgefall. Fir munch Klasse kënn zousätzlech nach eng Zäit am Isolement oder an der Quarantän derbäi. Mir sinn also an enger aussergewéinlecher Situatioun an aussergewéinlech Situatiounen verlaangen heiansdo aussergewéinlech Léisungen oder Decisiounen: Misst een net doriwwer nodenken, d' «Épreuves communes», esou wéi et d'lescht Joer deelweis de Fall war, aussetzen fir esou de Stress an den Drock, deen domadder fir d'Kanner verbonnen ass, ewechzehuelen? D'lescht Schouljoer konnt een d'Schüler och ouni déi Epreuve gutt orientéieren. Et geet also!

• **Generell Obligatioun fir d'Kanner vu 6 Joer un eng Mask ze droen:**

Den SNE/CGFP ass sech bewosst, dass d'Droe vun enger Mask während dem Unterrecht an innerhalb vun der Schoulenceinte net ideal fir d'Kanner ass. D'Kommunikatioun, d'Sproocheléieren a viles méi gëtt domadder méi schwéier. D'Droe vun enger Mask ass och mat Sécherheet fir den Enseignant lästeg an et

gëtt doduerch net méi einfach fir Cours ze halen.

Bis ewell huet den SNE/CGFP sech ëmmer un d'Recommandatioune vun den Experte aus dem Gesondheitssecteur ralliéiert, wann et ëm virologesch, gesondheetlech oder epidemiologesch Froe gaangen ass. Wann d'Santé elo also de «Port du masque obligatoire généralisé» an der Schoul virschreift fir de Virus besser anzedämmen, dann acceptéiert den SNE/CGFP dës Decisioun.

Wann een op de Wee geet, de «Port du masque généralisé» virzeschreiwen, da misst een, an den Ae vum SNE/CGFP, och Wäert dorobber leeën, dass qualitativ héichwäerteg Masken zum Asaz kommen.

• **Zum Testing:**

Vun Ufank un huet den SNE/CGFP sech fir e reegelméisseg Teste vun der ganzer Schoulpopulatioun op fräiwëlleger Basis ausgeschwat. Den SNE/CGFP begréisst et, dass weiderhin un dëser Teststrategie festgehale gëtt an de politesche Wëllen do ass, se nach auszebauen an eventuell Versäumnisser, wou Leit an der Vergaangenheet vergiess goufe fir an en Test invitéiert ze ginn, ze redresséieren. Nëmmen duerch e kontinuéierlechen Testing kënnen Infektiounen ënnert de Kanner an dem Schoulpersonal séier detektéiert, Infektiounsketten ënnerbrach an déi néideg Quarantänsmesurë fir infizéiert Leit ausgesprach ginn.

• **Zu de Schnelltester:**

Prinzipiell kann den SNE/CGFP sech mat der Iddi vun de Schnelltester ufrënnen, mee et bleift awer nach e grouse Klärungsbedarf bestoen, wat déi praktesch Ëmsetzung vun dëser Mesure ugeet. Mir hu jo schonn dacks erfuere mussen, dass den Däiwel am Detail stécht an dass d'Ëmsetze vu Mesuren net ëmmer geklappt huet.

Well d'Konzept vun deem Dispositif nach net definitiv festgeluecht ass, ass et och fir den SNE/CGFP schwéier eng verbindlech Positioun dozou anzehuelen.

Folgend Froe missten awer onbedéngt, onofhängeg vun der Testmethod, eng Äntwert kréien.

- Wie soll déi Tester maachen? Hei huet den Educatiounsminister gemengt, eeler Schüler kéinten déi eventuell selwer maachen. D'Fro, déi opbleift ass déi, wie bei méi jonke Schüler déi Tester ausféiert.

- D'Schnelltester sollen, den Aussoe vum Minister no, ënnert der Opsicht vum Enseignant réaliséiert ginn. Den SNE/CGFP verlaangt, dass do d'Fro vun der Responsabilitéit vum Enseignant am Virfeld eendeiteg gekläert muss sinn.

Fir den SNE/CGFP wär et op alle Fall inakzeptabel, dass den Enseignant d'Charge kritt, seng Schüler ze testen. Dat ass definitiv net säin Job.

• Virleeë vun engem negativen Testresultat ier een no enger Quarantän erëm an d'Schoul kann zeréck kommen :

Natierlech si mir der Meenung, dass nëmme Kanner an Enseignanten, déi Covid-19 negativ sinn, an d'Schoul kommen däerfen. Bis elo hunn d'Enseignantë bei enger Quarantän keen negatiivt Testresultat vun de Kanner däerfe froen. Eng Kontroll vun der Negativitéit vum Test war also net erlaabt.

Bei dëser Mesure schéngt et zu engem Paradigmewiessel ze kommen, wann elo vun enger Kontroll geschwat gëtt. Schüler, déi kee negatiivt Testresultat kënnen oder wëlle virleeën, müssen elo méi laang an der Quarantän, an domadder doheem, bleiwen.

Och hei bleiwen awer nach eng Rei Froen op :

- Wie koordinéiert d'Kontroll vun den negativen Tester? Gëtt dës Kontroll vun der Santé oder den Direktiounen organiséiert, oder bleift déi Aarbecht erëm um Enseignant hänken?
- Däerfen oder müssen d'Enseignanten an Zukunft d'Preuve vum negativen Test bei den Eltere froen?
- Wat geschitt mat de Kanner, wa si ouni negativen Test an d'Schoul kommen? Gi si dann isoléiert bis dass d'Eltere si siche kommen?

Niewent de méi generellen Dispositiounen huet den Educationnsminister awer och **punktuell a lokal Mesuren** virgestallt, wann d'Infektiounen an de Schoulen méi alarmant ginn.

• Organisatioun vun de Maisons-relaisen an de Schoulfoyeren am Grupp „Klass“:

Endlech schéngt den Educationnsminister Meisch Asiicht ze weisen an ze verstoen, dass et kee Sënn mécht, Kanner moies ze trennen a se mëttes nees ze mëschen.

Onverständlech fir den SNE/CGFP ass awer, dass dat just eng «measure ponctuelle locale» a keng «measure générale au niveau national» ass.

En absolutten NO-GO fir den SNE/CGFP!

D'Excuse, dass net genuch Raimlechkeeten oder net genuch Personal zur Verfügung sti fir dat ze realiséieren, loosse mir net méi gëllen no engem Joer Pandemie! Do sinn an eisen Aen einfach net genuch Efforte gemaach gi fir déi Situatioun an de Grëff ze kréien. «Wo ein Wille ist, ist auch ein Weg»!

• Méi eng schnell «Mise en quarantaine» vu Klassen oder Cyclen, respektiv eng méi séier Fermeture vu Schoulen:

Fir den SNE/CGFP soll effektiv de «Principe de précaution» gëllen, wann Infektiounen optrieden an dat besonnesch, well d'Virulenz vun den «neie» Variante vum Virus bis ewell nach schwéier anzeschätzen ass.

Fakt ass awer, dass d'Hin- an Hirschleefen téscht Isolatioun, Quarantän an Distanzunterricht weider batter Realitéit fir d'Leit um Terrain bleift, eng Situatioun déi net méi schéinzeschwätzen ass, weder fir Grouss, nach fir Kleng. Et feelt massiv u Kontinuitéit fir d'Schüler an d'Schoulpersonal. Eng méi wäitsiichteg Planung vun Ufank vun der Pandemie un an eng zäitno Informatioun vun de Leit um Terrain, déi och hiren Enseignement net wëllen am leschte Moment plangen, ass hei onbedéngt verlaangt. Et kann net sinn, dass d'Léierpersonal als lescht iwwert d'Entwécklungen an der Schoul informéiert gëtt.

Eng national Measure, déi den Educationminister Meisch am Fall vun engem Zuspëtze vun der Pandemiessituatioun am Land an d'Diskussioun bruecht huet, ass:

• D'Beschränkung vum Presenzunterricht op de Moien an d'Zeréckgräifen op den Distanzunterricht am Nomëtten:

Natierlech hofft den SNE/CGFP, dass d'Situatioun sech net esou verschlechtert, dass een déi Measure ergräife muss. Wann et dann awer mëttes zu engem «Enseignement à distance» komme soll, da verlaange mir vum MENJE dat néidegt Vertrauen a seng Enseignantë ze hunn, fir dass si dësen enseignement à distance beschtméiglech ëmsetze wäerten.

Den Enseignanten ze vill contraignant a restriktiv Richtlinnen ze imposéieren, wéi si hiren «Enseignement à distance» gestalte sollen, wäeren do sécher net de richtege Wee an éischer kontraproduktiv. Den Enseignant weess am beschten, wéi hie mat senger Schüler säin Unterricht pedagogesch sënnvoll gestalte kann. Dofir brauch hie keng allgemeng «Guideline», déi warscheinlech vu Leit, déi wäit vum Terrain ewech sinn, verfaasst gouf. En absolutten NO-GO fir den SNE/CGFP!

Des Weideren huet den Educationminister Meisch ugekënnegt **d'Hëllef an der Schoul** ze verstärken.

Den SNE/CGFP hat scho virun der Rentrée zum Schouljoer 2020-2021 verlaangt, dass en zousätzleche Contingent u Personal, e sougenannte Coronacontingent an d'Schoule komme misst fir do duerch e méi cibléierten Appui an der Schoulzäit eventuell Retarde bei de Kanner opzeschaffen. Och hat den SNE/CGFP dem Educationnsminister proposéiert, dem Ersatzpersonal, dat am Fall vu Krankmeldungen den Enseignant ersetze soll, méi längerfristeg Kontrakter unzebidden. Esou kéinte si an d'Schoulen affektéiert ginn an an de Klassen intervenéiere fir do Appui ze ginn, wa si net an der Schoul eng Krankmeldung ersetze missten.

Endlech schéngt den Educationnsminister gewéllt ze sinn, de Schoulen direkt no der Fuesvakanz zousätzlech Ressourcen zur Verfügung ze stelle fir eventuell Retarde bei de Kanner am Kader vum normale Schoulhoraire opzefänken. Mir huelen de Minister hei beim Wuert, dass dat och geschitt.

Matgedeelt vum SNE/CGFP, de 17. Februar 2021